Infoblat

**No 8**

**Abrëll 2009**

Schonn nees...




Séier war et gaang tëscht där viregter Editioun vum « Festival des Cultures et des Migrations » an där vun dësem Joer.

D’Moienasbl huet awer och dëst Joer d’Geleeënheet net verpasst, fir sech um « Festival » engem gréissere Publikum virzestellen.

Dobäi hu mer vill bekannte Gesiichter erëmgesinn, mee awer och eng Rëtsch aner Leit aus allen Himmelsrichtungen op eisem Stand begréisse kënnen.

Dee meeschten Interessi bestoung ëmmer fir eis Summer-Intensivcoursen.

Mee wéi dat eben esou ass op enger därmoossen animéierter Veranstaltung, gouf natierlech och bei eis während deenen zwee Deeg iwwer vill Verschiddenes geschwat am Zesummenhang vu Land, Leit a Sprooch…

Yves Charpentier



**Verbesserungsservice:** Wann Dir Är Texter, Broschüren, Deplianten asw. gär an der richteger Lëtzebuerger Schreifweis veröffentleche wëllt, dann zéckt net a kontaktéiert eis. Mir verbesseren Iech se. Präis op Ufro.



D'Léift fir säi Land ass eng wonnerbar Saach ;
mee firwat sollt d'Léift da bei der Grenz ophalen ?

*L'amour d'un pays est une chose magnifique ;*
*mais pourquoi l'amour devrait-il s'arrêter à une frontière ?*

The love of one's country is a splendid thing ;
but why should love stop at a border?

*Pablo Casals, Spuenesch-katalaneschen Cellist, Komponist and Dirigent (1876 - 1973)*

**Kontakt**: Moien asbl- BP : 5 , L-8701 Useldange - Tél : 26 311 343 – Fax : 26 311 342 Gitt Member ! €10 oder méi CCPL LU28 1111 2368 0023 0000